Mat Zuch / Bus / zu Fouss an den Oekozenter Pafendall

zu Fouss: aus der Uewerstad mam Panorama-Lift (Agang am Park “Pescatore”, dann ca. 4 min. bis bei den Oekozenter, oder zu Fouss vum Fëschmaart an de Pafendall (ca. 10 min.)

mam Bus: mat der Linn 23 bis Haltestell “Théiwesbuer” oder “Vauban”. Alternativ: mat enger Bus-Linn bis bei d’Fondatioun Pescatore an dann mam Panorama-Lift an de Pafendall. Infoen zu de Busverbindungen: www.mobiliteit.lu

mam Vëlo: aus der Uewerstad ënner anerem mam Panorama-Lift an de Pafendall. En iwwerdachte Velosstand ass direkt beim Oekozenter

mam Auto: am beschten um Parking “Glacis” parken an dann mam Panorama-Lift (Agang am Park “Pescatore”, dann ca. 4 min. bis bei den Oekozenter

www.meco.lu Tel. 43 90 30-1

mouvement écologique

De Mouvement Ecologique luedt all Interesséierten häerzlech an op

Rifkin-Etude: 2 thematesch Diskussiounsowender:

Wéi eng Liewesmëttel-Versuergung, wéi eng Landwirtschaft wëlle mer?

Wéi eng Mobilitéit fir muer?

Wat sin d’Virschléi vun der Rifkin-Etude zu dësen Themen? Brénge se eist Land weider?

D'Rifkin-Etude (3rd Industrial Revolution) suergt fir vill Diskussiounen a wäert sëcherlech och prägend sinn fir d'Zukunft vun eisem Land. Allerdéngs: net jiddferengem sinn d'Detailler vun der Etude bekannt…. Dat englescht Dokument vu 400 Säiten ass net grad esou einfach ze liesen.

Duerfir organiséiert de Mouvement Ecologique eng Serie vun 3 Owender – mat de Responsable vun de jeweilegen Aarbechtsgruppen – an dienen d'Analysen an d'Propose vun der Rifkin – Etude an 3 Beräicher virgestallt an natirlech och diskutéiert ginn.

Weider Informatiounen zur Rifkin-Etude fannt Dir op
http://www.troisiemerevolutionindustrielle.lu/

No enger éischter Diskussioun zum Thema „Energi", luede mäer Iech häerzlech an op 2 weider Terminer:

Dënschden, de 25. Abrell 2017 vun 18.15 - 20.00 Auer

Wéi eng Liewesmëttel-Versuergung, wéi eng Landwirtschaft wëlle mer?

Referenten: Nancy Thomas (Directrice IMS Luxembourg) - M. Treinen (Landwirtschaftsministère) - Christiane Wickler - Pall Center

Méinden, 8. Mee 2017 vun 18.15 - 20.00 Auer

Wéi eng Mobilitéit fir muer?

Referenten: Marie Sauvignon (IMS) - Henk van Tuyl (Goodyear) - Gilles Caspar (Nohaltegkeetsministère)

D'Informatiounsveranstaltunge sinn ëmmer esou opgebaut, datt d'Referenten d'Resultater vun der Rifkin-Etude virstellen. Dono ass genuch Zäit fir Froën an Diskussioun.

Rendez-vous ass jeweils am
Oekozenter Pafendall, 6 rue Vauban, Lëtzebuerg

Umierkung: Verschidde Bäitreg wäerten op franseisch sinn.

Eng Umeldung ass erwënscht !